



Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4470 vum 15. Juli 2026 vum den éierewäerten Deputéierten Här André Bauler an Här Gusty Graas iwwert d' "Situation des poissons face à des températures élevées"

1. Wéi bewäert d'Regierung dës ongewinnte Situatioun, a wéi eng konkret Moossname gedenkt si an noer Zukunft ze huelen, fir eis Gewässer an hir Biodiversitéit besser géint Hëtztwellen ze schützen?

Déi aktuell dréche Wiederkonditiounen mat aussergewöhnlech nidderege Reequantitéiten hunn een Impakt op d'Waasserstänn am ganze Land. Besonnesch d'Gewässer am Éislek an am Weste vum Land, wéi och generell kleng Baachen, reagéiere sensibel op Dréchen a féieren aktuell nëmmen niddreg Ofleef.

Nieft de niddrege Waasserstänn goufen Enn Juni och aussergewöhnlech héich Waassertemperature gemooss. Gewässer, déi vum Lëtzebuerger Sandsteen-Aquifer gespeist ginn, wéi d'Äisch, d'Mamer oder d'Wäiss an d'Schwarz lernz, waren dovunner manner staark betraff, ënner anerem weinst dem Zoufluss vu méi kalem Grondwaasser an enger besserer natierlecher Beschattung.

Niddreg Waasserstänn an héich Waassertemperature stinn an engem enken Zesammenhang. Wann d'Waassermass ofhëlt, erwiermt sech d'Waasser méi séier an de Sauerstoffgehalt geet zeréck. Dat bedeit eng zousätzlech Belaaschtung fir déi aquatesch Fauna an de Gewässer. Fir d'Widderstandsfäegkeet vun den Ökosystemer ze stäerken, ass et wichteg, natierlech a bewuessen Uferberäicher ze erhalen an auszebauen, well dës fir Schiet suergen an d'Iwwerhëtze vum Waasser reduzéieren.

Als kuerzfristeg Moosnam goufe vum 8. Juni 2026 un all d'Prelevementer aus de Fléissgewässer, mat Ausnam vun der Musel oder fir d'Dränkwaasserzwecker, verbueden, dat fir den Drock op d'Gewässer net weider ze erhéijen. Am Fall vu lokale Pollutiounen gi punktuell Belüfter opgestallt, wann duerch dës Pollutioun de Sauerstoffgehalt ënnert e kritesche Niveau gefall ass, bis d'Situatioun sech nees normaliséiert huet op den Zoustand vu virun der Pollutioun.

Fir dëser Situatioun laangfristeg an nohalteg entgéintzewierken, ass et wichteg, d'Resilienz vun de Fléissgewässer ze erhéijen. Vill Waasserleef zu Lëtzebuerg sinn am Laf vun de leschte Joerzénge staark duerch mënschlech Aktivitéiten an d'Notzung verännert ginn. Doduerch ass hir Fäegkeet, sech un d'Auswierkunge vum Klimawandel, besonnesch un Dréchen- an Niddregwaasserperioden, unzepassen, staark reduzéiert ginn.

D'Renaturéierung vun de Waasserleef ass dofir eng wichteg Adaptatiounsmoosnam. Si huet zum Zil, de Fléss méi Plaz ze ginn, hire natierleche Fonctionnement ze stäerken an d'Resilienz vun den aquateschen Ökosystemer géint iwwer extreme Wiederphenomener ze verbesseren. Gläichzäiteg profitéieren d'Biodiversitéit an d'Waasserqualitéit vun dëse Moosnamen.

An dësem Kontext huet de Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit den 11. November 2025 den éischte „Renaturéierungsdësch“ aberuff. Zënterhier hu verschidden Aarbechtsgruppen u konkrete Virschléi geschafft, fir d'Ëmsetzung vu Renaturéierungsprojeten ze beschleunegen an domadder den Zoustand vun de Fléissgewässer zu Lëtzebuerg nohalteg ze verbesseren. Déi konkret Resultater vun dësen dräi Aarbechtsgruppen goufen den 21. Juli 2026 am Kader vum zweete Renaturéierungsdësch presentéiert.



2. Wéi eng Inzidenz huet de Klimawandel op den autochthone Fëschbestand? Ass d'Gefor net grouss datt ëmmer méi invasiv Aarten an d'Zukunft eis Gewässer bevëlkeren?

D'Tendenz, déi ze beobachten ass, riskéiert tatsächlech a Richtung vun enger Aarteverschiebung ze goen. Déi Aarten, déi sensibel op d'Temperatur an d'Offlëss reagéieren, verschibe sech Richtung Uewerleef, wéi zum Beispill d'Baachfrell. Dobäi beschränkt sech den Impakt vum Klimawandel op d'Kalwaasserfësch net nëmmen op d'Summerméint, mee och am Wanter kënnen d'Läichbedingunge sech duerch méi mëll Temperature verschlechteren. D'Auswäichen an d'Uewerleef vun heemeschen Aarten ass just méiglech, wann den Zougang zu dëse méi gönschtege Liewensraum garantéiert ass, also wann d'Wanderung vun de Fësch beispillsweis net vun enger Barrière, wéi z. B. e Barrage, verhënnert gëtt. Aus dësem Gronn ass et essentiell, fir eis Fléissgewässer nees duerchgängeg ze kréien an obsolet Barragen ze suppriméieren.

Am Géigesaz breede sech déi tolerant Aarten, deenen hire Liewensraum ëmmer méi grouss gëtt, méi aus, mat engem klore Virdeel fir net heemesch exotesch respektiv invasiv Aarten. Ervirzehiewen ass awer, datt nei invasiv aquatesch Aarten meeschtens duerch mënschlech Aktivitéiten (z. B. iwwert Ballastwaasser, ausgeschottten Aquarien, illegale Besaz vu Fësch) agefouert ginn a manner duerch eng natierlech Verschiebung vun den Habitater. An deem Kontext gëtt och en Aktiounsplang ausgeschafft zum Thema "Principales voies d'introduction et de propagation d'espèces exotiques envahissantes au Grand-Duché de Luxembourg" fir eben nei invasiv Aarten ze stoppen éiert se sech bei eis ausbreede kënnen.

A schlëmmste Fäll kann et zum Ausstierwe vun heemeschen Aarten kommen, wann hire Liewensraum net zougänglech ass oder ëmmer méi kleng gëtt respektiv ganz verschwënnt, zu Gonschte vu méi toleranten heemeschen oder net heemeschen Aarten. D'Zesummesetzung vun der Gewässerbiodiversitéit kéint sech doduerch opgrond vun de Frequenz an Dauer vun dëse meteorologesche Bedéngungen änneren.

3. A gesäit d'Regierung iwwerhaupt Méiglechkeeten, fir am Fall vun extremen Hëtztperioden kënnen anzegräifen, fir d'Fëschbestänn an d'Waasserekosystemer verstärkt ze schützen?

Cf. Äntwert 1.

Lëtzebuerg, de 6. August 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit